



Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 5743 vum 11. Februar 2022 vum Här Deputéierte Fred Keup

1. An der Bewäertung vum Bureau, deen d'Géigenetüd fir de Service des sites et monuments nationaux (SSMN) gemaach huet, gouf drop higewisen, datt et hisiichtlech Buedembelaaschtung keng zwéngend Noutwennegkeet gëtt, déi en Ofrappe vun de betreffende Gebaier erfuerderen. D'Buedembelaaschtunge leien haaptsächlech em d'Gebaier rondrëm.

Den Ausschlag déi national Protektioun opzehiewen huet awer eng aner Verknaschtung am Ënnergrond ginn.

Effektiv ass, am Géigesaz zum Buedem, d'Situatioun am Grondwaasser extrem schlëmm. Esou goufen an engem Betribspätz, dee sech an de Gebaier befënnt, extrem héich Belaaschtunge mat Phenol an Ammonium nogewisen. Déi entsprechend Sanéierungswärter sinn 900-fach (Phenol) an esouguer 3500-fach (Ammonium) iwwerschrott ginn.

Nach guer net gewosst ass, wéi wäit déi Pollutioun schonn am Ënnergrond, baussent de Gebaier gestreet huet. D'Fléissrichtung vum Grondwaasser geet iwwert de Site no Südosten an Direktioun vun der Sauer.

Et bleift nach z'ernimmen, datt den SSMN esouwuel de Proprietär vum Site wéi och d'Administration de la gestion de l'eau vun der Géigenetüd an hiren Erkenntnisser a Kopie gesat huet.

2. Wéi schonns gesot handelt et sech net primär em Buedembelaaschtungen am eigentleche Sënn vum Wuert, mee em Grondwaasserbelaaschtungen. Bei Buedembelaaschtunge si jo Versigelunge méiglech. Op dësem Site gëtt et elo awer déi dramatesch Grondwaasserwärter, bei deenen d'Versiegelung keng Léisung duerstellt.
3. Et goufe schonns Ufroen zu verschiddenen industriellen Apparaturen. Esou huet de Luxembourg Science Center sech zum Beispill fir en historesche Motor interesséiert. Den SSMN huet do e Kontakt zum Proprietär vum Site hirgestallt. Deen huet och informéiert, datt hien op der Sich no Iddien ass, fir remarkabel Stécker vum Ekipement vun der Brauerei op der Plaz selwer oder anerwärts z'intégréieren. De Proprietär huet Kontakt mat verschiddene Muséeën opgeholl.
4. Wéi schonns gesot, ass eng Versiegelung hei keng Léisung.
5. Op enger vun de Visite um Site gouf de Verrieder vum Proprietär vum SSMN drop ugeschwat, wéi dat urbanistescht Signal vum Tuerm am Kader vum Neibau erëm opliewe kéint. Och déi modern Ausdrocksweis vum Gebai vun 1930, déi jo net obsolet ass, gouf ënnerstrach. De Proprietär huet informéiert, datt am Moment no engem Architekt fir de Site gesicht gëtt. Wann den Auteur vun der zukünftiger Architektur bis définéiert ass, misst et zu Reunioune kommen an deenen déi Intentioun ugeschwat wäert ginn.

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson